



**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet an der Madamm Sam Tanson, Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n°5684 vum 4. Februar 2022 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser**

**Ad 1):**

Den aktuelle Rekrutierungsplang vun der Police baut op verschidde Facteuren op, wéi z. B. d'Auswärtung vun de Kriminalitätsstatistiken, déi aktuell Charge de travail vun den Unitéiten, den Bevëlkerungswuesstem asw.

D'Unitéiten ginn doropshin dann och net no engem rigide Schema verstärkt, mee op Grond vun de reelle Besoinen, déi sech aus der ablécklecher Analyse vun deene verschiddene Facteure bilden. D'Police rekrutéiert massiv an huet och vill Stagiären an der Ausbildung. Well d'Besoinen um Terrain vun engem Dag op deen anere wiesselen kënnen, wéi z. B. déi aktuell Evenementer am Kader vun den Anti-COVID-Manifestatiounen bewisen hunn, muss een dat flexibel kënnen adaptéieren.

**Ad 2)**

Eng vun den Prærogative vun der Policereform vun 2018 ass et, méi reaktiv op d'Evolutioun vun der Gesellschaft an der Kriminalitéit am allgemengen ze reagéieren an d'Effektiver méi effizient de jeeweilege Besoinen um Terrain entspreichend anzesetzen.

Fir dëst Zil ze erreechen huet d'Police Kommissariater fusionéiert, respektiv kleng Unitéiten a grouss regional Unitéiten integréiert. Et kann een also net vun engem Zoumaache vu Kommissariater schwätzen, mee éischer vun engem Regruppéiere vu Ressourcen.

Duerch dës méi grouss Unitéite verfügen d'Policeregionen elo iwwer méi Kapazitéite, fir de spontane Besoinen entspreichend, Patrullen um Terrain ze hunn. Dat Ganzt gëtt duerch den nationalen „Einsatzleitsystem“ (ELS) gesteiert, deen ënnert anerem all national disponibel Equipen géréiert. Dëst erlaabt et der Police dann och, reaktiv op Situatiounen ze reagéieren, wéi z. B am Kader vun de Virkommissar ronderëm de Park Gerlache zu Déifferdeng, wou bannent kiirzester Zäit 12 Patrullen mat jeweils 2 Mann op der Plaz waren.

**Ad 3) Ad 4)**

Wéi an alle moderne westlechen Demokratien sinn d'Police-Befugnisser och hei zu Lëtzebuerg vum Legislatueur op déi aktuell gesellschaftlech Lag ofgestëmmt an bidden genuch Schutz fir Beamten.

Dat verhënnert awer net punktuell eis Legislatioun ze adaptéieren an se de neien Realitéiten um Terrain unzepassen, dofir ass notamment ugeduecht Strofen a Fäll vun Rebellioun eropzesetzen.

Plainten géint Poliziste wéinst Gewalt ginn objektiv vun enger onofhängeger Verwaltung, der Inspection generale de la police, ënnersicht. D'Polizisten müssen deemno net fäerten, zu Onrecht penalen Suiten ausgesat ze ginn.

**Ad 5)**

Sou eng Entwécklung hei zu Lëtzebuerg ass de Ministeren net bekannt.



Ad 6)

LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

D'Regierung bestëmmt net wouriwwer d'Police kommunizéiert.

De Ministère fir bannenzeg Sécherheet ass aktuell am gangen z'analyséieren wéi een d'Statistike ka verbesseren an ze kucken wei eis Nopeschlänner mat Statistiken ëmginn a wei si dës publizéieren.

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2022

De Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX